Den Week – end vum 17. Abrëll bis den 19. Abrëll woren d´Memberen vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg an d´Vogesen gefour fir zu Saulxures um Lac de la Moselotte dräi Deg mat der Méck ze fëschen. Schon ënnerweë op der Autobunn huet et ungefaangen ze reenen an et sollt den éischten Dag och ëmmer erëm kräfteg Schaueren niddergoën mée dat konnt eis awer Näischt unhun an mir sin duerno mat zwee Deg bei beschtem Fréijorswieder verwinnt gin, och wann den zweeten Dag een kräftegen an kaalen Wand gebloosen huet. Mir hun am Laaf vun den Joëren eis Erfuerungen mam wiesselhaften Wieder an den Vogesen gemeet esou dass mir ob Alles virbereet woren an och wann d´Fësch dëst Joër net gebass hun woren et awer alt nees dräi wonnerschéin Deg an beschter Gesellschaft. Nodeems déi eenzel Memberen Een nom Anneren op der base de loisir angetraff woren hun mir kuurz eis Saachen ofgelueden an dun ass et direckt bei d´Waasser gaangen. Den Lac de la Moselotte ass ee bëssen speziell ewell een oft op dëser Plaz déi beschten Chancen mat der drechener Méck huet, mée och all anner Varianten vum Méckenfëschen kommen hei zum Ansatz. Leider ass et och op dëser Plaz an den leschten Joëren ëmmer méi opkomm dass Kompetitiounen gefëscht gin an natiirlech profitéieren d´Fëscher am Virfeld vun den Kongkuuren fir hei ze trainéieren, dat huet eis d´Fëschen sécherlech net méi einfach gemeet.

Den Andy huet säin Gléck fir unzefänken mat der nymphe a vue gesicht an konnt esou ee puer schéin Fësch iwwelëschten ewoubäi awer och hei d´Fësch ganz virsichtég woren an oft déi ungebueden Méck refuséiert hun.

Den Luss huet éischter op Sinkschnéier gesat an huet et fir unzefänken mat Blopen an der S3 Sinkschnouër probéiert, deen gréissten Succés hat Hien awer ewei Hien mat der S7 an Bobbyën gefëscht huet.

Den éischten Dag sin net vill Fësch gefaangen gin mée am nachhinein wor dat awer nach deen beschten Dag ewell déi Deg duerno nach manner gefaangen gin ass an loossen mir et rouëg soën, esou wéineg Fësch ewei dës Kéier hun mir nach nie op dëser Plaz gefaangen. Géint der Owend ass dun eisen Präsident virgefour an Hien hat d´Équipement fir eisen Grillowend och matbruecht. Mée haten mir schon am Virfeld Probleemer mam festleën vum Datum vun eiser Sortie deen zwee Mol huet missen verluecht gin ewell all Kéiers éng anner Kompetitioun sollt stattfannen deen Week – end ewou mir am Fong schon reservéiert haten, huet et dës Kéier och net mat der Opdeelung vun den Chaletsën geklappt. Eisen Sekretäir, den Erny, hat sech all erdenklech Méih gemeet fir dës Sortie esou gudd ewei méiglech ze organiséieren mée an der Rezeptioun haten se Alles op d´Kop gehäit an hir Lëscht huet net mat eiser Reservéierung iwwereneen geklappt, esou koum et dass den Andy beim anschecken fir d´éischt kéng Schlësselen kritt huet an ewei eisen Präsident virgefour ass huet Hien een ganz anneren Chalet zougewisen kritt ewei dat op eiser Lëscht virgesin wor. Den Luss ass dun geplennert esou dass eisen Präsident dun awer deen zentral geleeënen Chalet, ewou eist Jessen ëmmer stattfënnt, konnt beleën. Ewei Hien bäigefour ass huet et ungefaangen ewei mat Eemeren ze schëdden, séier huet Jidereen éng Hand mat ungepaackt an ënnert der strenger Opsiicht vun eisem Präsident haten mir dun och séier eist Zelt opgeriicht.

Den Andy an d´Cyndi, déi éischten Kéier zesummen mat eisem jéngsten Member, haten sech vill Méih gemeet fir dass och dat éischten Owendiessen gelengen soll, Sie haten vun Doheem éng Heizkanoun déi mat Gas bedriwwen gët matbruecht ewell et an den Birger Owes séier kill gët an Sie haten eis och fir den ganzen Trupp „Chilli con carne“ gekacht deen Hinnen dozou och nach richtég gudd gelongen wor. Séier haten d´Fëscher erëm Farw am Gesiicht an hun sech net laang fléiwen geloos hiren Teller nach éng zweeten oder drëtten, den Präsident zeguer nach éng véiert Kéier, fëllen ze loossen. Een ganz symphateschen Geste wor och vum Fränz komm deen bei eisem Ofschlossiessen vun den Bannkuuren, dat dëst Joër an der Beierhaascht zu Käerjeng stattfond hat, zougeschloën hat. Deen Owend ewou mir do

woren hat och nach zouffäleg éng Feier fir den Télevie stattfond mat énger Lotterie ewou Hamen verlousst gin sin, an hei hat den Fränz ofgeraumt an direckt dräi ganzer Hamen gewonnen esou dass mir Hien elo nëmmen nach den Hamen Fränz nennen. Hien huet dun direckt gesot „déi gin mat op Saulxures fir wann mir eis Sortie hun“ an Hien huet Wuert gehalen andeems Hien fir Jidvereen een Plateau Ham präparéiert hat. Eis Begleedung (d´Fraën) hun dann och dëst Joër erëm fir deen exzelenten Dessert gesuergt an esou huet dun eisen Owend säin Laaf gehol.

Den zweeten Dag sollt dann esou unfänken ewei mir den Lac de la Moselotte kennen, et wor mat vill Niwwel ungaangen an duerno ass d´Wieder ëmmer besser gin mée ewell den ganzen Dag iwwer vill Wand gebloosen huet konnt een a bee Mol kéng Gobagen méi gesin an déi drechen Méck ass guer net méi gaangen. Mir hun dann och den ganzen Dag iwwer net vill Fësch gefaangen mée dat konnt eiser gudder Laun awer näischt undoën an mir sin awer op eis Käschten komm.

Owes wor dun grillen ungesot an dat ass ouni ze iwwerdreiwen ëmmer een vun den Héichpunkten am Joër. Et hat sech éng gudd Équipe ronderem eisen Grillmeeschter den Fränz fond an esou koum et dass mir och dëst Joër erëm vill ze vill giess hun an och mat Flëssegkeet woren mir beschtens versuergt.

SIMMS



Och déi dräi Deg Saulxures sin erëm vill ze séier eriwwer gaangen, eis nächst Sortie den 9. Mée féiert eis elo op Lacroix sur meuse ewou mir dann hoffentlech och eemol erëm éng Kéier richtég vill Fësch fänken wäerten.